Den Teig zwischen zwei Lagen Backpapier flach drücken, bis er nur noch 1,5 cm dick ist und für 30 Minuten in den Kühlschrank legen. Anschließend zwischen den Papierbögen ausrollen. Eine Tortenform mit Heheboden buttern, den Teig hineingeben und mit einer Gabel mehrfach in den Boden stechen. Danach für 20 Minuten backen.

In der Zwischenzeit den weißen Spargel komplett und den grünen Spargel nur im unteren Drittel schälen. Die unteren Enden abschneiden. Die Spargelstangen quer halbieren.

Den weißen Spargel in kochendes Salzwasser geben und bei mittlerer Hitze zugedeckt 4 Minuten garen, den grünen Spargel zugeben und weitere 2 Minuten garen. Spargel mit einer Schaumkelle aus dem Topf heben, in eiskaltem Wasser abschrecken und abtropfen lassen. Anschließend auf Tüchern gut trocken tupfen.

Die Eier in einer Schüssel mit Salz, Pfeffer und Ricotta verquirlen. Die Hälfte des Käses in die Mischung reiben und Thymianblättchen hinzufügen. Spargel unter die Eiercreme ziehen. Die Füllung auf den vorgebackenen Boden geben und mit dem restlichen Käse bestreuen. Die Quiche 40 Minuten goldbraun backen.

Amiperas

Amiperas Sektioon Noumer kuckt mat neiem Elan an Zukunft

Dat bei villen Veräiner haut ze Dags e Problem duerstellt, fir nei Mëmbere ze fannen, di an der Spëtzt wëlle matschaffen, ass et bei der Amiperas Sektioon Noumer glécklicher Wäis awer nit de Fall. Dräi langjährig Komiteeleit hun opgehaal a fënnef nei Memberen hun sech bereet erklärt fir an Zukunft, an der aus 82 Memberen bestehender staarker Amiperas-Sektioon, mat Hand unzeleeën. Gut besicht war d'Generalversammlung viru kuurzem am Clublokal zu Cruchten, wou d'Maria Souvigné- Muller d'Memberen am Numm vum Komitee wëllkomm geheescht huet an hinnen Merci gesoot huet fir d'Kommen an och dem Komitee fir dat gut zesummeschaffen. No enger Gedenkminut huet d'Sekretärin Edmée Hoffmann-Gales un de groussen Télévie- Dag an verschidden aaner Aktivitéiten, Porte-ouvertes an Komiteesitzungen an internen Feieren erënnert wou och vill schéin Momenter konnten zesummen mateneen verbruecht gin, Merci ass och der Gemeng gesoot gin, fir hir Ënnerstëtzung vun der Chrëschtfeier. Den Lucien Schaus konnt eng positiv Finanzlag a Buchführung vierleeën, déi vun de Keeserevisoren Fränz Hoffmann a Jos Aubart als exakt bestätigt gouf. Um Programm fir 2025 sin folgend Aktivitéiten virgesin: Porte ouvertes: 19. Mäerz, 16. Abrël, 14. Mee, den 11. Juni an den 15. Oktober. Grillfest ass den 16. Juli. Mammen- a Pappendag gëtt den 17. September gefeiert. Eng journée du Grand-Âge ass vir den 5. November virgesin an di flott Chrëschtfeier ass den 10. Dezember. An hirer Laudatio huet sech d'Sophie Diderrich als Buergermeeschter vun der Gemeng Noumer sech erfreet dat nei Memberen sech gemellt hun fir am Komitee matzeschaffen an och MERCI gesoot fir di di vill Aktivitéiten déi zum Wuel vun de Senioren am Laaf vum Joer 2024 stattfond hun. Bei den Komiteewalen waren et d'Sekretärin Edmée Hoffmann, Germaine Biren an Triny Fantin déi nit méi kandidéiert méi hun an fir hir gut Arbicht am Komitee mat eng schéiner Orchidee Merci gesoot kritt hun. Och d'Marianne Olsem, dat nit konnt derbéi sin, ass aus dem Komitee ausgetrueden. Folgend Memberen hun sech och gemellt fir an Zukunft am Komitee mam Maria Souvigné an Lucien Schaus, mat ze schaffen: Martine Fohl, Schmit Francine, Schroeder Gisèle, Schroeder Romain an Clees Pierre. Bei engem gut gefüllten Teller an enger Taass Kaffi huet dess Generalversammlung vun der Amiperas Sektioon Noumer a gudder Ambiance hirt würdigt ënn fond. Text a Foto: Charles Reiser



Club des Jeunes Cruchten

Hannert de Kulisse vum Friichtebal 2024

Trotz dat Noumer eng zimmlech kleng Gemeng ass, ass de Club des Jeunes Cruchten villen Leit ee Begrëff. Mee wei gesäit et eigentlech hannert de Kulisse vun eise legendäre Baler aus, déi reegelméisseg vill Léit unzéien?

Méintelaang Organisatioun fir eng onvergiesslech Nuecht

D'Organisatioun vun engem Event fänkt bei eis am Comité oft Méint virum eigentlechen Datum un. Mir setzen eis zesummen a plangen alles bis an dat klengsten Detail: Vun der Reservatioun vum DJ iwwer d'Gedrénksversuergung bis hin zu der Museksanlag – näischt gëtt dem Zoufall iwwerlooss. Bei den Dixi Toilette passe mir besonnesch op. Déi wäerten mir definitiv net nach engkeier vergiessen ze bestellen.

Mee d'Aarbecht läit net nëmme beim Comité. All Member hëlleft mat, sief et duerch de Verkaf vun Ticketen an der eegener Schoul, ënner Frënn oder duerch d'Ophänke vu Plakater. Den Zesummenhalt am Veräin ass d'Basis vun eisem Erfolleg – mir sinn een agespillt Team, an dat mierkt een och op eisen Events.

Owes: Matmaachen a Spaass hunn

Wann de groussen Owend do ass, ass jidderee gefrot. Egal ob hannert dem Comptoir, bei den Entréeën oder an der Kees – all Member huet seng Aufgab. Dobäi steet eppes ëmmer am Méttelpunkt: de Spaass. Mir wëllen, datt eis Gäscht, mee och mir selwer, eng flott Zäit hunn.

No der Party ass virun der Party

No der Veranstaltung ass eisen Asaz nach laang net eriwwer. D'Grouss Botz gehéiert natierlech och dozou, genee wéi d'Nobeschwätzen, wat gutt gelaf ass a wat mir dat nächst Joer kënnen besser maachen. Oft gi mir duerno zesummen eppes iesse fir eise gelongenen Owend ze feieren. D'Sue ginn dacks an Aktivitéite gestach, déi dem Club des Jeunes zeguttkommen, wéi beispillsweis Paintball oder Go-Kart fueren.



Eist Zil

Eist Zil als Club des Jeunes ass et, net nëmme flott Events ze organisieren, mee och en Deel zur Gemengeliewe bäizedroen an dei Jonk aus der Géigend zesummen zebringen.

Wann och du Loscht hues, Deel vun enger engagéierter Grupp ze ginn a bei der Organisatioun vun onvergiesslechen Owender matzemaachen, da schreiw eis! De Club des Jeunes Cruchten freet sech ëmmer iwwer néi motivieert Gesichter.

Cruchten 2.0

De Club Cruchten 2.0 war rem dëst Joer, mat verschidden Membere(n) an Kanner, zu Cruchten ënnerwee fir Chrëschtbeemercher anzésammelen fir d' Buergbrennen.



Mir géifen eis freeën op nei Membere(n) déi motivéiert sinn fir ze hëllefen.

VORSICHT VOR PHISHING PER SMS, E-MAIL ODER TELEFON!

1




Der Betrüger gibt sich als vertrauenswürdiger Dritter (staatliche Behörde, Bank...) aus und sendet Ihnen einen Link per SMS oder E-Mail. Er kann sogar mit einer **gefälschten luxemburgischen Nummer** anrufen.

2



Die erhaltene Nachricht ist besorgniserregend (z. B. illegale Bankabhebungen) **oder attraktiv** (Steuerrückerstattung, Auszahlung von Prämien...) und fordert zum **Klicken auf einen Link** auf.

3



Dieser Link führt zu einer **betrügerischen Website** mit dem Ziel, **Ihre persönlichen Daten zu stehlen**.

Ratschläge zur Vorbeugung:

- **Geben Sie niemals Informationen und persönliche Daten an Fremde weiter**, oder nach denen Sie per E-Mail, SMS oder anderen Nachrichtendiensten gefragt werden.
- **Klicken Sie nie auf einen Link**, der Ihnen von einer **unbekannten Quelle** geschickt wurde.
- Seien Sie misstrauisch bei Nachrichten oder Anrufen, die Sie zu einer schnellen Reaktion auffordern.
- **Lassen Sie sich niemals zu einer Zahlung oder zur Übermittlung Ihrer Daten drängen**, und nehmen Sie sich stets die Zeit, solche Anfragen zu hinterfragen.
- **Prüfen Sie immer, ob die Nachricht persönlich an Sie gerichtet ist**, bzw. ob sie **Fehler** oder **falsche Übersetzungen** enthält.
- Seien Sie sich bewusst, dass seriöse Organisationen und Unternehmen Sie niemals dazu auffordern, persönliche Daten per E-Mail zu senden.

Wenn die Herkunft einer Nachricht oder eines Anrufs unklar ist und/oder Zweifel bestehen, wenden Sie sich zunächst über die üblichen Kommunikationsmittel an das betreffende Unternehmen, um zu überprüfen, ob es sich um einen Betrug handelt oder nicht.

Wenn Sie Opfer eines Betrugs geworden sind, wenden Sie sich an eine unserer Polizeidienststellen, um Anzeige zu erstatten.

Elterevereenegung



**KLEESCHEN
2024**





Save the dates:
Familljerallye
18.5
Betsy Dentzer
13.6



Kulturkommissioun

Kuelemeilerplazen an den Noumer Bëscher (an an de Gemenge ronderëm)


En Artikel vum Georges Arensdorff a Claude Schiltz

Wann een duerch d'Bëscher an der Noumer Ëmgéigend wandert, fënnt ee bal iwwerall laanscht d'Weeër an d'Pied ronn, flaach an horizontal Plazen, déi liicht méi héich leien, wei de Bëschbuedem ronderëm. Heiansdo ass souguer e Gruef ronderëm déi ronn Plazen. An de mei géien Häng wierken des ronn Plaze wéi horizontal Terrassen am Bierg. An der Moyenne sinn déi ronn Plazen 8 bis 12 Meter breet. Op der Foto hei ass eng flott esou Plaz um Noumer Autopedester an den Noumerlayen.



LIDAR steet fir Light imaging, detection and ranging - an ass eng Method fir digital Modelle vum Terrain ze erstellen. Op de LIDAR Opname vun 2019 gesinn des ronn Plazen esou aus, wéi wann de Buedem "Pickel" hätt.

Dëst ass en Extrait aus dem Geoportail am Beräich vum Kéngerbësch, uewe bei der Kapell iwwer Noumer, wou een eng grouss Unzuel der kreesronner Plaze gesäit.



Engem erfuerene Bëschleefer wei dem Georges sinn des Plaze scho wäit éischer opgefall, an och dass et der ronderëm Noumer immens vill dervunner gëtt.

Vun 2012 sinn des 3 Fotoen, aus dem Beräich Kéngertsbësch / Grofebësch. Op der éischer Foto lait de giele Kuerf genee an der Mëtt vun der kreesronner Plaz. Et gesäit ee lenks am Bild däitlech, wéi de Krees sech ofhieft vum Buedem ronderëm.



Op der zweeter an drëtter Foto gesäit een eng esou eng kreesronn Plaz, mat engem gréissere Bam, an enger Plaz, wou de Buedem ugegruewen gouf an eng relativ deck schwaarz Schicht zum Virschäi kennt.


Des Plaze sinn net natierlech sou entstanen. **Et handelt sech em Meilerplazen, also d'Standuerter vun de fréiere Kuelemeiler an deenen Holzkuel hiergestallt gouf.** Et ass eng kulturhistorescht Relikt vun engem Beruff an Handwierk, wat et hei bei eis sou net mei gëtt.

Dofir fënnt een an der ieweschter, duerch d'Feier verbrannte schwaarz Buedemschicht heiansdo nach kleng mat Äsche vermëschten Holzkuelstecker. Et kann och méi seele virkommen, dass ee Plaze fënnt unni verbrannten Iwwerreschter. Dat si preparéiert Plazen, déi aus deem engen oder anere Grond net benotzt goufen.

2012 huet de Georges ugefaangen, déi Meilerplazen akribesch opzehuele mat GPS Donnéeën an alles op Kaarten nidderschreiwen. Mat Hëllef vun de Lidar Opname war et duerno méiglech, eng genee Kartéierung vun de Meilerplazen an den Noumer Bëscher ze maachen. An der Noumer Gemeng goufen am ganze 614 Meilerplaze gezielt an et fënnt een se, bis op wéineg Ausnamen an alle Bëscher aus der Gemeng.

Spektakulär ass d'Densitéit vun de Meilerplaze am Grofebësch, am Kéngertsbësch an an den Noumerlayen, déi deels op Noumer a Fielsser Gebitt leien.





D’Kart weist d’Kuelemeilerplaze, déi een un Hand vun de Lidar Donnéeën nach kann erëmfannen. Den Inventaire vum Terrain ass deelweis souguer nach méi détailléiert an huet d’Kart komplettéiert. Mat Sécherheet gött et nach eng jett méi Plazen, déi entweder iwwersi goufe beim Inventaire, oder déi duerch Bëschaarbechten esou zerstéiert oder planéiert goufen, dass een se net méi erëmfennt.



Mee wat genee ass e Kuelemeiler? A wei funktionéiert en?

D'Holzkuelproduktioun huet ganz vill Mënsche beschäftegt. Nieft den Holzfäller an de Leit, déi herno den Transport vun der Kuel gemaach hunn, ass den zentrale Beruff, dee vum Kuelebrenner.

Dëse Kofferstech vun 1762 weist all d'Etappe vum **Handwierk vum Kuelebrenner**.¹

Nom Entbuschen, Entwuerzelen a Planéiere vun enger kreesronner, riichter Basis (Fig. 1) vun engem Duerchmiesser vu 4 bis 8 Meter, matzen am Bësch, gëtt de Meiler ronderëm en eenzelen oder dräi Peil opgebaut, esou dass eng Cheminée an der Mëtt besteet.

Ronderëm ginn dann déi gehaen Bûchë vu 60-100 cm laang a 35 cm Duerchmiesser

getässelt, op 3 oder 4 Niveau'en, esou dass de Meiler kann 3-4 Meter héich sinn (Fig. 3). Duerno gëtt de ganze Meiler mat engem Mantel aus Blieder, Faren, klengen Äscht ëmginn a mat enger Couche aus Buedem a Moos ofgedeckt (Fig. 4). Ganz zum Schluss kennt nach eng Couche Äsche vun den ale Meilerplazen drop. De Meiler gëtt vun uewen ugefaangen duerch d'Cheminée an der Mëtt (Fig. 5). Tëscht dem Ufänken vum Meiler an deem Moment wou d'Holz ganz zu Holzkuel verbrannt ass (Fig. 6) verginn an der Moyenne 10 Deeg.


An deenen 10 Deeg léisst de Kuelebrenner seng delikat Konscht spillen : hie muss nämlech d'Verbrennen dauernd am A hunn, a kucken, dass d'Feier net ze lues, net ze séier geet, dass d'Temperatur konstant bleiwt, dass de Wand net ze vill duerchernee bréngt, dass d'Lächer am Mantel opgemaach ginn a rëm gestoppt. Den Dampf misst optimalerweis blo an dënn sinn. De Kuelebrenner spillt am wuertwiertleche Sënn mam Feier.

Déi fäerdeg Holzkuel muss liicht sinn, einfach brieche an e liichte metalleschen Toun ofgi beim Brieche. Vun 100 Kilo Holz huet de Brenner herno 20-25 Kilo Holzkuel, déi dann agepaakt an oftransportéiert ka ginn (Fig. 7, 12 an 11).

¹ © Verwandeldes Feuer, Holzkohle – Pflanzenkohle, Eine kleine Geschichte zur Köhlerei, Baiersbronn Juli/August 2024

Déi meescht haut nach gutt siichtbar Meilerplazen stame warscheinlech aus dem Zäitraum vum 17ten bis an 19ten Joerhonnert.

D'Hierstelle vun Holzkuel war immens wichteg an de proto-industrielle Schmelze fir d'Eiseproduktioun, well Holzkuel beim Verbrennen déi méi héich Temperaturen erreecht, déi an de Schmelze gebraucht goufen.




Dës Schmelze goufen haaptsächlech am Südweste vum Guttland bedriwwen, laanscht d'Äisch, d'Atert, d'Uelzecht a laanscht e puer Baachen am Oste vum Land, ëmmer ganz no bei de grouse Bëscher, déi dem Staat, de Gemengen, de Schlasshären a Kléischer gehéiert hunn. Et gëtt d'Schmelze säit dem 16ten Joerhonnert, engem Héichpunkt tëscht 1670 a 1750, an engem Ausbau ënnert der franséischer Herrschaft vum 1795 bis 1815. Ab der Mëtt vum 19te Joerhonnert gëtt d'Steekuel an der Industrie agesaat an d'Geografie vun de Schmelzen ännert sech an d'Produktioun vun Holzkuel hellt lues a lues oof. De lëschte Kuelebrenner vu Lëtzebuerg stierft 1930.

Nourmer lounge ganz no bei der Colmer Schmelz, op der Ferrariskaart nach als "Geismühlen" bezeechent, mee och d'Schmelze vu



Fëschbech a Biissen waren net all ze wäit ewech. Dëst kéint déi grouss Unzuel vu Kuelemeilerplazen an och déi sëllegen Huelwëer erof op Nourmer erklären, well d'Holzkuel huet jo missten op Colmer gefouert ginn. Jiddwerfalls war et och eng immens wichteg historesch Aktivitéit fir d'Nourmer Leit.



D'Noumer Awunner ginn als **“Noumer Kuelebrenner”** ge- oder vernannt, op mannst ass de Begrëff den Noumer Leit bekannt, a gëtt och am Artikel vum H.Klees aus der Zeitung **“EIS SPROOCH”** N. 7 vun 1976 **“Wéi mer ons esou (ver)ennen”** fir **“Noumeren”** ernimmt. Den H. Klees zielt dass et net nëmme spaasseg oder spëttesch Nimm fir Haiser oder Persoune gëtt, mee och fir d'Leit aus onse Stied an Dierfer e sëllege Nimm, niest deene méi offizielle gëtt.

D'Noumer Kuelebrenner hunn an den Noumer Bëscher also immens vill Holzkuel hiergestallt. Firwat geet aus dem klengen Auszuch aus de "Geschichtliche Plaudereien aus Nommern" vum Guill. Schumacher vun 1958 op Sait 117/118 ervir : *Die alten Agnis- und Gertgesleute waren Holzfäller und Kohlenbrenner. Den heutigen Agnis- und Gertgesleuten möchte ich darum eine kleine Geschichte erzählen (nach Pfarrer Kalbesch von Erpeldingen).*

*Um 1674 lagen französische Truppen in Nommern. Sie verlangten von den Leuten eine Kriegskontribution von 330 Reichstalern. Als das Geld nicht gleich kam, steckten sie ein Haus in Brand, packten die Männer und führten sie nach Diedenhofen in Gefangenschaft. Der Pfarrer, Joh. Adam von Bitburg, bemühte sich um seine Leute, konnte aber nichts erreichen. „Erst zahlen“, war der stete Bescheid. Der Pfarrer ging **nach Colmar zum Hüttenherrs Piret** und entlieh von ihm 125 Reichstaler. Vergebliche Mühe. „330 haben wir gesagt, keinen weniger, sonst stecken wir das Dorf in Brand und keiner der Männer kommt zurück“. Der Pfarrer ging noch einmal zu Piret, erhielt von ihm die ganze Summe und konnte seine Leute befreien. Die Rückerstattung erfolgte in Holz und Holzkohlen, die Piret für seinen Hochofenbetrieb brauchte.*

Die damaligen Holzfäller und Kohlenbrenner haben das Dorf gerettet. Die heutigen Nachkommen derselben brauchen sich der ehrlichen Arbeit der Vorfahren nicht zu schämen.

Et wier lo interessant nach historesch Quellen ze sichen an ze fannen, déi de Fräikaf vun den Noumer Leit géing beleeën. Wiem huet déi Zäit de Gemengen-Bësch gehéiert? Wéi goufen d'Kuele verrechent a wéivill Kuelen hu misste produzéiert gi fir d'Schold ze bezuelen?



1803. A la Campagne — Le Charbonnier en Forêt d'Orléans

Um Relevé vun den Awunner vun Noumer vun 1864 waren d’Kuelebrenner deen drëttheefegste Beruff. Et goufe 74 Doléiner, 36 Baueren an 11 Kuelebrennerfamilljen.²

D’Liewe vum Kuelebrenner (Daitsch : Köhler, Franséich : Charbonnier, bouquillon) oder och nach “Kueleschoupert” war keen einfacht. De Beruff vum Kuelebrenner gëtt ganz flott erzielt vum Jean Nehrenhausen a sengem historiesche Roman iwwert den Aisdall.³ D’Kuelebrenner hunn vu Mäerz u bis un de Schluss vum Summer geschafft an hu missten ëmmer bei hire Meiler bleiwen. Si hunn dofir dat ganz Joer iwwer mat hire Familljen am Bësch gelieft, nieft de Kuelemeiler, an oft aarmséilegen Hütten. An de Porregister stoung oft derbäi “ex silva”, oder “natus in silva”, well d’Kanner och am Bësch gebuer goufen.

Fir ze (iwwer-) liewen hunn si bei den Hütten och kleng Gäert gefouert.



Pierre Didier aus Bour, der letzte Köhler Luxemburgs, vor seiner Köhlerhütte im “Juckelsbësch” bei Mamer. (Foto © J. Milmeister)



D’Frae goufen am Volleksmond “Kuelebrennesch” genannt an hunn hire Männer gehollef. Eng vun hiren Aarbechte war d’Vermaartung vun der Kuel. Et huet een se mat der voll geluedener “Stoussbier” (eng speziell Schubkar) oder mat der “Kuelenhatt” um Réck gesinn, wéi si d’Kuelen an d’Dierfer, d’Stied oder bei d’Eisenindustriebruecht hunn.

Während dem Mëttelalter war hire Beruff als onéierlech ugesinn an hinnen si kriminell Machenschaften nogesot ginn. Dëst wuel, well si vum dauernde Kontakt mat der Kuel Gesiicht, Neel an Hänn an och Kleeder schwaarz an dreckeg haten an och verbrannt geroch hunn. De Schwaarze Mann deen am Bësch haust, gouf dowéinst oft mat Raiber a Vagabund gläichgesat, obwuel et eigentlech e wäertvollen Handwierker war!



² Merci un d’Linda Gedink fir d’Statistik

³ <https://editions-schortgen.lu/fr/livre/heurs-et-malheurs-au-val-deisch-jean-nehrenhausen/>




Oft spille
Seechen a
Mäercher em
d'Meilerplazen,
anscheinend
sollen do
d'Hexen um
Hexensabbat
mam Däiwel op
dése
kreesronnen
Plazen danzen!

Flouernimm
spigelen
d'Aktivitéit och
erëm :


Kolenberg - Folkendeng, in Kohlent - Dierbech, Kuelebaach/Schwarzbach - Buerschent, Kohlhauf - Rulljen, Kohlerlach - Äischen, Kuelbecherhaff - Huelmes, Kuelebrenneschbësch - Harel, Kuelenberg - Biekerech, Kueleberg - Sëll, im Koilenbrenner - Bungeref, im Kohlenberg - Blaschent, am Kueleberg - Schëtter, op der Kueleplätz - Crauthem.....

Déi flottste Kuelemeilerplazen fënnt een an den Hanglaagen. Op dem Schema ⁴ gesäit ee ganz gutt de Querschnitt an Opbau vun enger historiescher Meilerplatt am Hang. Fir eng riicht Uewerfläch ze kréien, gouf den Hang ugegruewen. D'Material wat dobäi ufält gouf



benutzt fir hangoofwärts opzefüllen. D'Meilerplatten bilden sou wei bei den Aker-Terrassen eng riicht Plaz fir ze schaffen.

Op der Aalburg an de Noumerlayen leit, e bëssi abseits vum Wanderwee, des wonnerschéi Meilerplaz mat duebelem Ofsaz.



Eng reliéis Plaz am Bësch fir d'Kuelebrenner?

Tëscht Luerenzweiler a Blaschent, net wäit ewech vum Flouernumm "Op Kuelent", leit de Fautelfiels, eng mysteriéis Kapell an enger Grott ënnert engem Fielsvirsprong. De Paschtouer Heiderscheid verbënnt d'Kapell mat de Kuelebrenner. Effektiv heescht d'Kuelemeilerplaz op wallounesch "faude" oder "faulde". D'Kuelebrenner, déi am Bësch gelieft hunn, hate warscheinlech hei Quartéier bezunn am 17ten Joerhonnert. Hat d'Grott deemools schonn e reliésien Charakter, oder ass dee réischt bei der franséischer Revolutioun komm?

An den Noumerlayen gëtt et e markante Fiels, leider schonn zimmlech verwittert, mat Gravuren, Nischenplaz, Huelraum mat Brandspuren, enger grousser Unzuel vu Kräizer an dem Datum vun 1778.

De Fiels steet matzendran an enger vun deene Bëscher am ganze Land mat de meeschte Kuelemeilerplazen, a kéint eng reliéis Kultplaz vun de Kuelebrenner gewiescht sinn, déi jo meeschtens um Bord vun der Gesellschaft gelieft hunn, an net um "normalen" reliésien Alldag konnten deelhuefen.




Fir des Theorie schwätzt e.a. dass et, net wäit ewech vum Fiels, de Flouernumm "Tinnes" gëtt, dee kéint ofgeleet si vum Schutzpatroun vun de Bettler a Bedierftege stoen, de Sankt Martin. Bei Angsber gouf et vun 1686 bis 1799 eng Klaus ("Ermitage St. Jean"), wou zwee reliéis Leit als Einsiedler gewunnt hunn an och Masse



mat engem mobilen Altar gehalen hunn. Eng St. Martins-Feier beim Fiels ass net sou onvirstellbar, besonnesch well e puer vun de Klausbridder aus der Eifel stamen, wou de St Martin och haut nach gefeiert gëtt.

As den Noumerbësch da wirklech sou speziell ?

Dat Bauchgefill, wat een am Grofebësch oder am Kéngertsbësch ka kréien - "Hei gett et iwver proportionell vill Kuelemeilerplaze !" - wollte mir statistesch préiwen. Mir hunn d'Digitaliséierung vun de Meilerplazen och an deene Bëscher gemaach, déi déi vill aner Schmelze mat Holzkuel versuert hunn, wéi z.b. de Gréngewald, de Bësch ronderëm Simmer an d'Kräizerbuch oder de Reckener Bësch.



Kuelemeiler zu Lëtzbueg		
Flouernumm	Regioun	Densitéit (Meiler pro Hektar)
Kéngertsbësch	Noumer	3,39
Gatter Südwest	Gréngewald	3,18
Gatter Nordost	Gréngewald	2,81
Gatter Südost	Gréngewald	2,69
Gebiires	Noumer	2,67
Gatter Nordwest	Gréngewald	2,45
Scheierbësch	Bissen	2,40
Langmuer West	Gréngewald	2,37
Grofebësch	Noumer	2,31
Gebrantebierg	Simmerschmelz	2,23
Langegronn	Kraizerbuch	2,24
Noumerlayen	Noumer	2,22

D'Resultat léist sech weisen, de Kéngertsbësch ass effektiv déi Plaz am Land mat der héchster Densitéit vu Kuelemeilerplazen.

Eng Quizfro ganz um Schluss:

Wéivill Kuelemeiler sinn am Inventaire am ganze Land opgeholl ginn?

Schéckt är Zuel un d'Mail Adress

janescube@hotmail.com

bis den 1.4.2025. Deen am noosten dru kennt, gewënnt e flotte Präis.

Quellen a weider flott Informatiounen:

Postkaarten : gescant aus der Privatsammlung vum Claude Schiltz

Kaartenhannergrond : geoportail.lu

Fotoen : Georges Arensdorff a Claude Schiltz

<http://www.taunuswelten.de/das-gebirge/boden/>

<https://editions-schortgen.lu/fr/livre/heurs-et-malheurs-au-val-deisch-jean-nehrenhausen/>

<https://www.wendener-huette.de/rund-ums-museum/huettenwanderweg/7-die-koehler-und-ihre-meiler/>

<https://www.wald-kohle-kultur.de/img/VerwandelndesFeuer.pdf>

http://randojp.free.fr/0-Diaporamas/Fours/Charbonniere_Provence.html

<https://broceliande.breclien.org/Il-etait-une-fouee-Du-charbon-et-des-hommes>

<https://www.sylvieteper.fr/2022/05/16/le-charbonnier-un-des-bourreaux-du-moyen-age/>

<https://historisches-museum-hellental.de/koehlerei-schwarze-gesellen.html>

[http://www.histoirevalleedejoux.ch/docs/Charbon de bois_01.pdf](http://www.histoirevalleedejoux.ch/docs/Charbon%20de%20bois_01.pdf)

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>

[https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf](https://www.histoirevalleedejoux.ch/docs/Charbon de bois_01.pdf)

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>


<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>

<https://prehistoire.lu/wp-content/uploads/2022/06/Bulletin-SPL-36-37-articles.pdf>



<http://www.actioun-letzebuergesch.lu/files/eis-sprooch/es-07.pdf>

Museksfrënn Gemeng Noumer

Chrëschtconcert fir e gudden Zweck

Wéi an de Jore virdrun hat d'Kulturkommissioun aus der Gemeng Noumer erëm d'Organisatioun an d'Koordinatioun vum Chrëschtconcert 2024 iwwerholl. Nodeems si den Accord vum Parverband an dem Här Paschtouer krute, konnte si dann am September beim Start der neier Saison matt de Prouwe fir de Chrëschtconcert unzufänken. De 7. Dezember 2024 war et dann esou wäit. D'Museksfrënn Gemeng Noumer hu matt hirer Jugend an ënnert der Leedung vun hirem Dirigent, dem Maxim Volgin, ugefaangen.

Dëst Joer hunn d'Museksfrënn Gemeng Noumer de Concert mol erëm als Musek aleng gespillt. Déi vill Leit déi an d' Noumer Kierch komm waren, hunn e ganz flotte Concert gebuede kruut.



De Jugendensembel vun de Museksfrënn Gemeng Noumer huet zum Optakt e puer Chrëschtlieder gespillt.

Um Programm duerno stoungen: Die Winterrose (Kurt Gäble); Ode to Greensleewes (arr. Richard Saucedo); Cuchulainn (Ron Korb); Adagio from Stringquartet op.11 (Samuel Barber/ Ton von Grevenbroeck); Cinderellas's Dance (Karel Svoboda) ; Adagio from Symphony No.3 (Gustav Mahler arr.Georges Moreau); Christmas on Broadway (arr. John Higgins); Alleluia! Laudamus Te (Alfred

Reed); All i want for Christmas is you (Mariah Carey and Walter Afanasief) an zum Ofschluss "An der grousser helljer Nuecht" (Mathieu Lamberty).





An enger klenger Paus huet de Yannick Lieners, President vum "Plooschter Projet", seng Organisatioun virgestallt. D'Quête vum Concert ass dëst Joer u seng Organisatioun gaang. D'Gemengeverwaltung vu Noumer huet sech bereet erkläert fir de gesammelte Betrag, dee bei der Recette vum Concert erakomm ass, em e substantielle Betrag no uewen opzeronnen. D'Remise vum Scheck hat leider aus zäitleche Grënn bis zum Redaktiounschluss vun dësem Reider nach net stattfonnt.

Nom Concert huet d'Kulturkommissioun Gemeng Noumer ob eng Receptioun am Keller niewent der Gemeng agelueden. Op dëser Platz wëllen d'Museksfrënn Gemeng Noumer der neier Kulturkommissioun wierklech e grouse Merci soe fir d'Organisatioun vun dësem Concert. E grouse Merci geet awer och un d'Responsabel vun der Gemeng an un de Parverband an der Kierch, déi duerch hier Mathëllef och zum Gelénge vun dësem Concert bäigedroen hunn.



25. Uerdentlech Generalversammlung

Den 31. Januar 2025 konnt eise President Alain Ries niewent de Musikant:innen, dem Dirigent a Frënn vun der Musek och eng etlech Verrieder aus dem Schäffen- a Gemengerot vun der Gemeng Noumer am Réunionssall vum Europacamping Nommerlayen begrëissen.



Den Alain Ries huet jidderengem e grouse Merci gesot fir déi Aarbecht, déi am leschte Joer an an de Jore virdru gelescht ginn ass. Esou och der Gemeng Noumer fir hir Ënnerstëtzung vun de Museksfrënn Gemeng Noumer, déi am Joer 2000 gegrënnt gi sinn a soumat dëst Joer hiren 25. Anniversaire feieren. Ganz besonnesch frou war hien awer, dass eng etlech Grënnungsmemberen a

fréier Presidenten eiser Invitatioun fir déi 25. Uerdentlech Generalversammlung nokomm sinn. Eise President huet awer och een extra Merci un d'Awunner vun der Gemeng Noumer geriicht fir hire groussen Interessi un eiser Musek an hier grouss

finanziell Ënnerstëtzung bei den Hämmelemärsch. 13 Punkte stoungen um Ordre du Jour vun eiser 25. Uerdentlecher Generalversammlung. De Sekretär huet en detailléierte schrëftleche Bericht virgeluecht an ass matt engem Video duerch d'Aktivitéite gaang.

D'Kees konnt dëst Joer net matt engem positive Bilan ofschléissen. Als weider Punkte stoungen nach Neiwale vum Comité, Presentatiounen vun de Kommissiounen, déi geplangten Aktivitéite fir 2025, d'Usproch vum Dirigent Maxim Volgin a vun der Buergermeeschtesch Sophie Didderrich um Ordre du Jour. D'Sophie Didderrich huet als éischt mol Merci gesot fir d'Invitatioun an



d'Generalversammlung vun de Museksfrënn Gemeng Noumer. Hatt huet der Musek och Merci gesot fir hir Aktivitéiten an der Gemeng an och hir Aarbecht fir d'Jugend gelueft. D'Gemeng Noumer wäert och an Zukunft de Veräin ënnerstëtzen.



Bei dem Punkt "Neiwale vum Comité" waren 11 Kandidaturen era komm, déi dann och per Akklamatioun ugeholl gi sinn. Direkt no der Generalversammlung hunn déi 11 Kandidaten sech zesumme gesat an d'Joëlle Hirtz als nei Presidentin, de Classen Fons als alen an neien Sekretär, d'Nadine Pulles als Sekretäre

adjointe an d'Lydie Didderrich als al a nei Keesière bestëmmt. Déi aner Memberen vum Comité huelen un anere spezifesch Aufgaben deel.

Den Owend gouf dono mat engem Iessen am Restaurant um Camping Nommerlayen auslufe gelooss.

Am Virfeld vun eiser Generalversammlung war awer och eng Assemblée extraordinaire ofgehaale gi fir eis Statuten un dat neit A.s.b.l-Gesetz vum August 2023 unzepassen.



Fir d'Museksfrënn Gemeng Noumer
Fotoen: Alphonse Classen a Pol Arlé
Text: Alphonse Classen/Marguy Hilger
Mise en page : Marguy Hilger

Permakultur um Luusshaff



PERMAKULTUR UM LUUSHAFF

Den 19. Januar 2025 hat de Luusshaff op eng flott Aktivitéit invitéiert zum Thema „**VULLE KUCKEN VU GANZ NO**“

Heizou goufen bei der Vudderplaz e puer Vullen per Netz agefaangen sou dass d'Kanner Gelegeneheet haten si vun no ze kucken.

D'Aktioun ass geleet gi vum Marie Kayser wat de Kanner an hiren Elteren all interessant Informatiounen zu dëse Vullen gin huet, wéi z.B. Numm, Geschlecht, Alter, Liéwensraum asw.



Wéi gewinnt wor d'Begeeschterung bei de Kanner grouss.



Zum Ofschluss gouf et dun nach e waarme Viz an eppes vum Grill.



Schoul

Poèmes à la manière de **Dans Paris** de Paul Eluard Cycle 3.1

À Schrondweiler, il y a un toboggan.
Derrière le toboggan, il y a une maison.
À côté de la maison, il y a une barre.
Devant la barre, il y a un banc.
À côté du banc, il y a une haie.

La haie renverse le banc.
Le banc renverse la barre.
La barre renverse la maison.
La maison renverse le toboggan.
Le toboggan renverse Schrondweiler.

À Cruchten, il y a une maison
Dans la maison, il y a un canapé
Sur le canapé, il y a une peluche
Derrière la peluche, il y a Batty
Sur Batty, il y a une Poupée

La Poupée renverse Batty
Batty renverse la peluche
La peluche renverse le canapé
Le canapé renverse Cruchten.

*En Autriche, il y a une ville.
Dans la ville, il y a un village.
Dans le village, il y a une maison.
Dans la maison, il y a une cuisine.
Dans la cuisine, il y a une table.*

*La table renverse la cuisine.
La cuisine renverse la maison.
La maison renverse le village.
Le village renverse la ville.
La ville renverse l'Autriche.*

En France, il y a une ville.
Dans la ville, il y a de l'or.
À côté de l'or, il y a un musée
Dans le musée, il y a un squelette.
Dans le squelette, il y a un diamant.

Le diamant renverse le squelette.
Le squelette renverse le musée.
Le musée renverse l'or.
L'or renverse le musée.
Le musée renverse la ville.
La ville renverse la France.

À Nommern il y a ma salle de classe.
Dans ma salle de classe il y a une
armoire.
Dans l'armoire il y a un Classeur.
Dans le classeur il y a une feuille.
Sur la feuille il y a une mouche

La mouche renverse la feuille.
La feuille renverse le Classeur.
Le classeur renverse l'armoire.
L'armoire renverse ma salle de classe.
Dans ma salle de classe renverse
Nommern.

CYCLE 4

22/11/2024

Zuch vun der Demokratie 2024



Wat bedeit "Zuch vun der Demokratie"?

Ronderem de Weltkannerdag organiséiert den Zentrum fir politesch Bildung den „Zuch vun der Demokratie“, dëst an Zesummenarbecht mam Kannermusée Plomm, der Chambre des Députés, der CFL a Luxtram.

Em déi 100 Kanner aus de Cyclen 3 a 4 aus verschidde Gemengen huelen den Zuch an d' Stad fir an d' Chamber ze goen. Do ginn hier Wënsch, Virschléi an Ideeë mat verschidde Députéierten diskutéiert. D'Kanner stellen och do hieer liewensgroussen, selwer gebastelte Politiker vir.

Virbereedungen an der Schoul

An der Schoul hu mir d' Thema "Kannerrechter" behandelt. Eis zwou Klassen hu sech jeweils op ee Recht geeenegt, wat fir si dat Wichtigst ass.

Doropshinn hu mir eis Gedanke gemaach wat d'Politik kéint zu deem Recht verbessern oder änneren. Mir hunn eis Ideeë festgehal an se op eise selwergebastelte Politiker gepecht. D'Ausgesinn vun eise Politiker hu mir och selwer gestalt. Bei allem hu mir als Klass zesumme geschafft an ëmmer demokratesch ofgestëmmt.



Den Dag vum 22. November

Freides, den 22. November 2024 hunn d' Klassen 4.1 an 4.2 sech um 7:50 Auer op der Gare zu Kruuchten getraff. Du si mir mat eisen zwou Politikerfiguren aus Kartrong mam Zuch an d' Stad gefuer.



Leider ass de Kapp vun enger Politikerfigur emgeknéckt, mee mir konnten e spéider erëm mat Scotch upechen. Wéi mir op der Stater Gare ukomm sinn, hu mir déi aner Klassen getraff an als éischt Fotoe gemaach. Mir waren am Ganzen zu 9 Klassen. No de Fotoen goufe mir begréisst a jidderee krut e klengt Schëld mat sengem Numm.

Du sinn mir all zesummen an den Tram geklomm. Et war zimmlech voll, a mir hu missen zesummerutschen, well mir waren eng grouss Grupp a gläichzäiteg waren och nach aner Leit am Tram.

An der chambre des députés



An der Chamber hu mir alles vu banne gesinn, et war immens schéin.

Duerno huet e Mann eng Klass no der anerer erop an de grouss Sall geruff. Wéi all d'Klassen ukomm waren, krut jiddereen e Politiker zougedeelt. D'Klass 4.1 huet d'Lexy Schoos kritt a konnt am grouss Sall bleiwen.

De 4.2 ass mam Ben Polidori an e Raum mat gemittleche Couche gaang.



Am klenge Grupp hu mir den Députéierten eist Uleies virgedroen. Jiddereen hat säin Text scho gutt an der Klass virbereet a geübt. D'Iddi vum 4.1 war, datt all Schoul d'Méiglechkeet huet, e „Klassenhond“ ze kréien, dee fir Motivatioun an de Klassen suergt a fir dass d'Kanner léieren Verantwortung ze iwwerhuelen.

D'Lexy huet sech beréiert gewisen a war begeeschtert vun eiser Iddi, well hatt selwer en Hond huet a gläichzäiteg och Déierendoktesch ass. No eiser Presentatioun huet hatt eis e puer Froen gestallt a mir hunn eis Iddie weider diskutéiert.



De 4.2 huet sech op d'Recht op Fräizäit konzentréiert an hat d'Iddi en "Treff fir jiddereen" ze schaafe wou Jonk an Al hieren Hobbien kënnen no bausse weisen a Neies entdecken. Den Ben huet eis intresséiert nogelauschert an eis och nach e puer Froen gestallt.

No enger Stonn sinn all d'Klassen an de grouss Sall zeréckkomm. Aus all Klass sinn zwee Kanner mat hirem jeeeweilege Politiker no vir gaangen, fir d'Iddi virzestellen. All Klass hat dräi Minutten Zäit. Bei der Klass 4.1 hunn de Pol an de Jang dësen Deel iwwerholl.



Beim 4.2 waren et d'Lina an d'Enora.

Och déi aner Klassen hate vill spannend Iddien.



Spéider hu Journalisten eis interviewt. Ier mir d'Chamber verlooss hunn, kruten all Kanner nach e puer kleng Kaddoen, e Boxemännchen an nach eng Fläsch Waasser.

De Rescht vum Dag an der Stad

Well mir gutt hongereg waren, si mir séier duerch de Schnéi-Reen an d'Pizzeria gelaf. Jiddereen huet Nuddelen mat Zooss kritt. Et war richtig lecker.

Duerno si mir nach an de Candy Shop gaangen, wou mir all fir 10 Euro Séissegkeeten kafe konnten.

Mir hate Chance, well grad deen Dag war och d'Ouverture vum Chrëschtmaart. Mir hunn also direkt een Tour lanscht déi schéi Buude gemaach.

Wann een nach e bësse Geld iwwreg hat, konnt ee nach eppes Klenges do kafen.

Bei naassem Wieder mat Schnéi a kalen Temperaturen hu mir eis zu Fouss Richtung Gare gemaach. Mir sinn dobäi laanscht d'Cité judiciaire gang an do lanscht d'Eiweg Flam. Mir si gewuer ginn, dass des ee Symbol ass fir deene gefalen Zaldoten aus dem 2te Weltkrich ze gedenken.

Ausserdem ware mir fasziniert réimesch Zuelen ze gesinn. Déi hate mir déi Woch virdrun an der Mathé behandelt.

Bal bei der Gare hu verschidde Kanner engem Obdachlosen hire Boxemännchen an hiert Waasser geschenkt.


Um Quai hu mir nach e bëssi op den Zuch gewaart. Um 15:57 Auer si mir nees zu Kruuchten ukomm, wou eis Elteren eis ofgeholl hunn. Fir jiddereen war et e coolen Dag.



Garderie Butzenhaff Kruuchten



Den 30.1.25 haten mir eis Lichtmëssfeier do kruten d'Kanner zum Thema Liichtmëssdag eng Geschicht erzielt an d'Ritualer dozou erkläert. Zesummen hunn mer flott Lidder fir Liichtmëssdag gelauschtert an gesongen.



Vum Janur bis März 2025 war eisen Projet Faarwen. An eisen Faarfwochen stung jeeeweils eng aaner Faarf am Mëttelpunkt. D'Kanner an d'Personal hunn sech an deenen jeeeweiligen Faarwen ugedoen an Dekoratioun vun der Garderie an d'Spillmaterial war an deenen Faarwen gestallt. Sou hunn d'Kanner duerch déi verschidden Aktivitéiten d'Faarwen spillerisch kennen geléiert.



D'Ekipp aus der Garderie Butzenhaff



Maison Relais Noumer



BUTZENHAFF NOUMER



MIR HUNN EIS AM JANUAR A FEBRUAR MAT EISEM PROJET
"MENG FAMILL AN ECH" BESCHÄFTEGT.



MIR HUN EIS SËNNER ENTDECKT.
WÉI RICHT ENG ORANGE? WÉI
FILLT SICH KAAL A WAARM
WAASSER UN EISE FEISS UN? DE
SALZDEEG ASS ELO WAARM...A
SCHMAACHT NET ESOU GUTT :)



AM 23. JANUAR HATE MIR BESUCH
VUN EISER FAMILL A HUNN ENG
LAMPION FIR LICHTMËSSDAG
GEBASTELT. DOMAT WARE MIR
LICHTEN :)




elisabeth
enfance

MIR SPRANGEN,
BALANCÉIEREN, KLOTEREN,
KRABBELEN AN HU VILL
FREED UN DER BEWEEGUNG!



MAT EISEM KANNER-
MEMORY LÉIERE MIR EIS
NACH BESSER KENNEN.
VU WEI ENGEM KAND SINN
DÉI AEN? AN DE MOND?




MAISON RELAIS NOUMER



Mir hu mat de Kanner e leckeren Apple Crumble gemaach. Vun den Äppel schielen bis bei d'Streisel drop verdeelen, si se mat vill Freed dobäi gewiescht.

No engem gemittleche Bakprozess hu mir natierlech och eng kleng Degustatioun.



APPLE CRUMBLE



MAISON RELAIS NOUMER



Zesumen hu mir mat de Kanner eng spannend Schatzsuche erlieft. Mat vill Virwëtz an Teamgeesch hu si d'Hiwäiser entdeckt, Rätsle geléist a sech ëmmer méi no un de verstoppten Schatz
D'Freed war natierlech grouss, wéi se en endlech fonnt hunn. E flotten Abenteuer mat vill Spaass an Entdeckungslust.

SCHATZSUCHE



D'Maison Relais Noumer sicht Studenten vum 15. Juli bis de 15. August 2025 a vum 16. August bis de 15. September 2025 fir bei de Summeraktivitéiten an der Summervakanz ze hëllefen.

Voraussetzung ass datt Dir op mannst 18 Joer al sidd an d'Animateursformatioun absolvéiert huet.

Bei Froe kënt dir lech gäre bei eis mellen. Schéckt är Demande un : direction.rnom@elisabeth.lu

Maison Relais Noumer, Direktioun Tel: 83 73 18 500



STUDENTEN FIR D'SUMMERAKTIVITÉITEN 2025

Elisabeth Enfance | m/w/d | 40 St/W | CDD



Kannerde liichten Øffline méi hell



Kanner tëscht 0 a 5 Joer
brauche reell Erlebnisser
an Interaktiounen



Les enfants de 0 à 5 ans
ont besoin d'expériences
et d'interactions réelles



Children aged 0 - 5 years
need real experiences and
interactions

+Info





Kleedersammlung

Mëttwochs, den 21. Mee 2025 ab 8 Auer moies

Sammlung vu Gezei, Schong an Textilien.
Och dëst Joer gi keng Tute méi verdeelt, dofir maacht wgl. Är Saachen an
 einfach Tuten, déi Dir zou stréckt.
 Stellt Är Tuten wgl. net schonn owes raus.

Le mercredi 21 mai 2025 à partir de 8 heures du matin

*Collecte de vêtements, chaussures et autres textiles.
 Il n'y aura plus de distribution de sacs spéciaux cette année non plus, mettez vos
 affaires dans des sacs neutres, que vous pouvez fermer s.v.p.
 Veuillez ne pas sortir les sacs la veille.*

BICHERBUS

vu 14:10 bis 15:00
zu Kruuchten op der Gare

27. Mäerz
 17. Abrëll
 08. Mee
 19. Juni

Service Bicherbus: 26 55 9 - 240
<https://bnl.public.lu>

